

Administration communale
de Reckange-sur-Mess

Édition spéciale

Reckange-sur-Mess

:: www.reckange.lu

# Présentation du Budget 2021

RECKENG OP DER MESS :: PIISSENG :: LAMPECH :: EILENG :: RIEDGEN :: WICKRENG



# Impressum

**Editeur responsable:**
Administration Communale de Reckange-sur-Mess

ISSN 2418-442X

**Mise en page:**
Julien Primout

**Textes:**
Savas Koroglanoglou, Carlo Muller, Julien Primout, Serge Vermeulen

**Illustration de couverture:**
**En bas:** le couloir entre les salles de séjour de la nouvelle maison relais. (Rendering par Beng Architectes)
Plus d'informations en pages 15 à 16

**En haut:** Aménagement de la place devant l'ancienne école d'Éhlange. (Rendering par Bureau d'Études Schroeder & Associés)
Plus d'informations en pages 24 à 25.

**Photos:**
Julien Primout

**Réalisation:**
Reka Print +
2a, Zare Ilot-Est
L-4385 Ehlerange
tél.: 48 26 36-1
www.reka.lu

Imprimé sur du papier Circle offset recyclé

# Index


| | |
|---|---|
| *5* | Virwuert vum Här Buergermeeschter / *Préface de Monsieur le bourgmestre* |
| *6* | Aleedung & ordinäre Budget 2020 / *Introduction et budget ordinaire 2020* |
| *7* | Ordinäre Budget 2021 / *budget ordinaire 2021* |
| *8* | Évolution de l'ICC et du FDGC |
| *9* | Évolution du service ordinaire |
| *10* | Structure des dépenses ordinaires |
| *11* | Répartition des charges salariales contre autres dépenses |
| *11* | Évolution de la charge salariale de la commune |
| *12* | Extraordinäre Budget 2020 / *Budget extraordinaire 2020* |
| *13* | Extraordinäre Budget 2021 / *Budget extraordinaire 2021* |
| *14* | D'Haaptprojete vum extraordinäre Budget 2021 /<br>*Les projets phares du budget extraordinaire 2021* |
| *15-16* | Déi nei Maison Relais / *La nouvelle maison relais* |
| *17* | De Waasserkollekter tëschent Reckeng op der Mess a Steebrécken /<br>*Le collecteur d'eaux usées entre Reckange-sur-Mess et Pontpierre* |
| *18* | De Reewaasserbaseng zu Reckeng op der Mess / *Le bassin d'orage à Reckange-sur-Mess* |
| *19* | Modernisatioun vum Waasserverdeelungsnetzwierk vun der Gemeng /<br>*Modernisation du réseau de distribution d'eau de la commune* |
| *20* | Nei Leitungsréier - Waassertuerm Hoën - Reckeng /<br>*Nouvelles conduites d'eau - Château d'eau Hoën - Reckange*<br>Neie Leitungsrouer - Verbindung Reckeng - Éileng /<br>*Nouvelle conduite d'eau - liaison Reckange - Éhlange* |
| *21* | Amenagement vun den Agäng vu Riedgen /<br>*Aménagement des entrées en localité de Roedgen* |
| *21* | Amenagement vun der Bushaltestell „Wäschbuer" zu Piisseng /<br>*Aménagement de l'arrêt de bus «Wäschbuer» à Pissange* |
| *22* | Transformatioun vun der Hal zu Wickreng / *Transformation du hall à Wickrange* |
| *23* | Sport an Entspanung: Reamenagement vum Terrain beim Mess Café /<br>Sport et détente: *Réaménagement du terrain à proximité du Mess Café* |
| *24-25* | Amenagement vun der Plaz bei der aler Schoul zu Éileng /<br>*Aménagement de la place devant l'ancienne école d'Éhlange* |
| *26-27* | Bau vu Logementer fir Jonker a Senioren / *Création de logements pour jeunes et seniors* |

# Annuaire

**Heures d'ouverture de l'administration communale**

Lundi à mercredi et vendredi:
8.30 à 11.30 et 14.00 à 16.30
Jeudi: 7.00 à 11.30 et 14.00 à 19.00

**Gemeng Reckeng op der Mess**
83, rue Jean-Pierre Hilger
4980 Reckange-sur-Mess
Téléphone: 37 00 24 - 1
Fax: 37 00 24 - 44
E-Mail: commune@reckange.lu

## Collège des bourgmestre et échevins

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| | Carlo MULLER | bourgmestre | 621 29 91 90 | camuller@pt.lu |
| | Robert LECLERC | 1er échevin | 621 18 03 21 | robert.leclerc@reckange.lu |
| | Christian TOLKSDORF | 2e échevin | 691 30 06 76 | christian.tolksdorf@reckange.lu |

## Conseil communal

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| | Dominique DA COSTA | conseiller communal | | dominique.dacosta@reckange.lu |
| | Lucien FRANCK | conseiller communal | | franckl@pt.lu |
| | Sonja HEYARD-RIES | conseiller communal | | sonja.heyard@reckange.lu |
| | Marc LUDWIG | conseiller communal | 621 41 91 26 | marc.ludwig@reckange.lu |
| | Esther SCHORTGEN | conseiller communal | | esther.schortgen@reckange.lu |
| | Nicole THORN | conseiller communal | | nicole.thorn@reckange.lu |

## Services communaux

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| Réception/Population/ | James THOMES | | 37 00 24 - 51 | james.thomes@reckange.lu |
| Facturation | Fabienne DEL DEGAN | | 37 00 24 - 9 | fabienne.deldegan@reckange.lu |
| | Tim DRAUTH | | 37 00 24 - 1 | tim.drauth@reckange.lu |
| | Nathalie HENSEN | | 37 00 24 - 23 | nathalie.hensen@reckange.lu |
| Secrétariat communal | Savas KOROGLANOGLOU | | 37 00 24 - 20 | savas.koroglanoglou@reckange.lu |
| Etat civil / Ressources humaines | Jenny MANNES | | 37 00 24 - 22 | jenny.mannes@reckange.lu |
| Receveur communal | Véronique GOBERT | | 37 00 24 - 30 | veronique.gobert@reckange.lu |
| Relations publiques | Julien PRIMOUT | | 37 00 24 - 26 | julien.primout@reckange.lu |
| Service technique | Serge VERMEULEN | | 37 00 24 - 48 | serge.vermeulen@reckange.lu |
| | Magali JACOB | | 37 00 24 - 40 | magali.jacob@reckange.lu |
| | Nicole KREIS | | 37 00 24 - 49 | nicole.kreis@reckange.lu |
| | Gilles SCHODER | | 37 00 24 - 42 | gilles.schoder@reckange.lu |
| Atelier communal | Claude BOURKEL | | 26 37 09 45 | claude.bourkel@reckange.lu |
| | | | 37 13 45 | atelier@reckange.lu |
| | | | | |
| Service d'incendie | Luc THINNES | chef de corps | 55 44 05 - 1 | thinnes.luc@cismr.lu |
| | Permanence (décès) | | 621 20 93 11 | (samedi de 9.00 - 12.00) |
| | Permanence technique | | 621 37 00 24 | (24h/24h) |
| | Garde Forestier | Luca SANNIPOLI | 621 20 21 52 | |
| | Curé | Paul MULLER | 95 80 49 | |
| | Office Social Commun | Christian WEIS | 26 11 37 25 | (8.00 - 10.00) |
| | Hexemeeschter | | 26 37 05 76 | |
| | École fondamentale Kleesenberg | | 26 37 12 21 | |
| | Maison Relais | | 26 37 12 70 | |
| | Police Porte du Sud | | 244 57 1000 | |
| | Police Esch-sur-Alzette | | 244 50 1000 | |
| | Police | | 113 | |
| | Pompiers/Ambulance | | 112 | |



# Léif Matbierger aus der Gemeng Reckeng

## *Chers citoyens de la commune de Reckange*

Dir wësst sécher dass d'Gemengen, aus verständleche Grënn, fir 2021 mat enger Reduktioun vun hire uerdentleche Recettë konfrontéiert sinn. Dëst mécht fir eis e Minus vu ronn enger Millioun Euro aus. De Solidaritéitsgedanke kënnt also och hei zum Droen an et ass novollzéibar, dass de Staat u verschiddene Schrauwen dréie muss fir deene Secteure ënnert d'Äerm ze gräifen, déi méi staark ënnert der Corona-Pandemie gelidden hunn – an ëmmer nach leiden.

Well zënter laange Joren eng responsabel Finanzpolitik an der Gemeng bedriwwe gouf, kenne mir eis Projeten trotzdeem ouni Abousse weiderféieren. D'Maison Relais, wou d'Aarbechten elo endlech um Terrain ugefaangen hunn, wäert natierlech e groussen Deel vun eisem Budget beuspriechen. Och den Ëmbau vun der Gemengenhal zu Wickreng wäert Ugangs 2021 ofgeschloss sinn. Net nëmme wäert eise Service dovu profitéiere kënnen, och eis Veräiner wäerte frou sinn hei eng Plaz ze fanne wou si hiert Material propper ënnerbrénge kennen.

E wichtege Volet ass d'Sécherheet an d'Qualitéit vun der Waasserversuergung. Esou ass elo d'Pose vun enger neier Leitung tëschent dem Baseng an den Hoën a Reckeng geplangt, genau ewéi tëschent Reckeng an Éileng.

Wann d'Stroossenaarbechten op der Rue des Trois Cantons tëschent Reckeng an Éileng fäerdeggestallt sinn, wäert en ähnleche Projet zu Riedgen an Ugrëff geholl ginn, fir och hei de Verkéier fir an d'Duerf eran ofzebremsen. Fir d'Sécherheet vun de Foussgänger am Zentrum vun Éileng ze verbesseren, gëtt hei de Terrain ronderëm déi fréier Spillschoul nei amenagéiert. Dëst wäert och nees eng flott Plaz gi wou d'Awunner sech begéine kennen. Och zu Piisseng gëtt de Site vum Buer mat enger neier Bushaltestell Richtung Lampech opgewäert an en neien Trottoir wäert den Awunner méi Sécherheet am Verkéier bidden.

D'Jugend däerf sech op e weidere Streetballterrain fréeën, deen hannert dem Parking beim Mess Café geplangt ass. Niewend engem klenge Fitnessparcours an enger Entspanungszone, déi deemnächst opgeriicht ginn, wäert dëst de sportbegeeschterten Awunner eng flott Méiglechkeet bidden, hirer Leidenschaft nozegoen.

Ech well op dëser Plaz alleguer de Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot Merci soe fir déi konstruktiv Mataarbecht beim Opstelle vum Budget 2021. Well all eenzele Conseiller säin Input a seng Virstellunge mat abrénge konnt, ass dëse Budget och eestëmmeg votéiert ginn. Eisem Personal op der Gemeng muss och Merci gesot gi fir alleguer déi Viraarbechten, déi beim Opstelle vun engem Budget geleescht musse ginn, a fir och duerno de Suivi vun eise Projeten ze geréieren an z'iwwerwaachen.

Vill Spaass beim Entdecke vun den Detailer iwwert de Reckenger Budget 2021 an dësem Spezialbued, a wann dir nach Froen hutt kënnt dir dës gären un eis erundroen.

*Vous n'êtes pas sans savoir qu'en 2021, pour des raisons tout à fait compréhensibles, les communes seront confrontées à une réduction de leurs recettes ordinaires. Pour nous, cela équivaut à une perte d'environ un million d'euros. Nous portons donc notre pierre à l'édifice du principe de solidarité et nous comprenons que l'État se doit de procéder à certains réglages afin de soutenir les secteurs tout particulièrement touchés par la pandémie - et qui le sont toujours.*

*Depuis des années, nous nous efforçons à pratiquer une politique financière responsable. Voilà pourquoi nous pourrons assurer la pérennité de nos projets malgré tout.*

*La maison relais, pour laquelle les travaux ont enfin commencé, sollicitera une partie importante de notre budget. De même pour le réaménagement du hall communal à Wickrange, qui sera achevé début 2021. Comme notre service technique, nos associations locales pourront profiter de ces nouveaux locaux pour y stocker leur matériel en toute sécurité.*

*Les responsables communaux accordent une attention toute particulière à la qualité de notre eau potable. Dans cet ordre d'idée, nous procéderons à l'installation de nouvelles conduites entre le bassin de Hoën et Reckange et entre Reckange et Éhlange.*

*Dès que les travaux de voirie dans la rue des Trois Cantons entre Reckange et Éhlange seront achevés, nous procéderons à l'implémentation d'un projet similaire à Roedgen, qui permettra de sécuriser les deux entrées en localité.*

*Pour garantir la sécurité des piétons dans le village d'Éhlange, nous réaménagerons le terrain autour de l'ancienne école en place publique et lieu de rencontre. À Pissange, l'arrêt de bus en direction de Limpach, situé sur le site du lavoir, sera sécurisé par un abribus et un nouveau trottoir.*

*La jeunesse pourra s'attendre à un tout nouveau terrain de streetball à proximité du parking du Mess Café. Celui-ci côtoiera une installation de fitness et un coin détente et permettra donc aux accros au sport de poursuivre leur passion.*

*Je voudrais profiter de cette préface pour remercier mes collègues du collège échevinal et du conseil communal pour leur contributions constructives à ce budget 2021. Chaque conseiller a eu l'opportunité de d'inclure ses visions et ses priorités. Cela nous aura permis d'approuver à l'unanimité le présent budget. De même, je désire remercier le personnel communal pour tous ses efforts de préparation, indispensables à la réalisation de ce budget, ainsi que pour leur suivi et leur supervision une fois les projets lancés.*

*Je vous souhaite beaucoup de plaisir à feuilleter cette édition spéciale budget 2021 et je vous invite à vous adresser à nos services communaux pour toute question supplémentaire.*

Carlo Muller
Buergermeeschter/
*bourgmestre*

D'Previsioune vun den Zuele fir de Budget rectifié 2020 respektiv Budget 2021 konnte mir aus der Circulaire budgétaire vum 15. Oktober 2020 enthuelen.

D'Joer 2020 kann een als „speziellt" Joer qualifizéieren. Dëst wäert een och nach an de nächste Joer mierken, besonnesch wat d'Finanzen am Budget ubelaangen. Wann ee sech och nëmmen traut e klenge Réckbléck op d'Circulaire budgétaire vum leschte Joer ze werfen, wou d'Madamm Ministesch eng stabel finanziell Situatioun erwäänt huet a wou si d'ekonomesch Entwécklung vun eisem Land positiv gesäit, erkennt ee wéi schnell et och an déi entgéintgesate Richtung goe kann. Dëst spigelt sech natierlech och am Budget vun der Gemeng Reckeng op der Mess zeréck, virun allem wann een de Budget 2020 initial mam Budget Rectifié 2020 vergläicht, respektiv d'Previsioune fir de Budget 2021 analyséiert.

*Les prévisions des chiffres pour le budget rectifié 2020, respectivement pour le budget 2021ont pu être prélevées de la circulaire budgétaire du 15 octobre 2020.*

*Incontestablement, l'année 2020 peut être qualifiée de «spéciale». «Spéciale» car sans doute, cette année impactera celles à venir, et tout particulièrement les finances de notre budget. En osant jeter un coup d'œil dans la circulaire budgétaire de l'année dernière, dans laquelle Madame la Ministre évoquait une situation financière stable et formulait un avis positif quant à l'évolution économique de notre pays, nous remarquons à quel point le vent peut tourner. Evidemment, cela se reflète aussi dans le budget de la commune de Reckange-sur-Mess, tout particulièrement en comparant le budget initial avec le budget rectifié 2020, respectivement en analysant les prévisions pour le budget 2021.*

## Budget ordinaire 2020

| | Budget initial 2020 | Budget rectifié 2020 |
|---|---|---|
| **Total des recettes ordinaires** | 9.827.787,43.- € | 8.583.849,95.- € |
| **Total des dépenses ordinaires** | 7.003.250,00.- € | 6.419.105.00.- € |
| **Excédent propre à l'exercice 2020** | 2.824.537,43.- € | 2.164.744,95.- € |
| **Excédent compte 2019** | 3.950.342,64.- € | 5.359.660,47.- € |
| **Excédent total** | 6.950.380,07.- € | 7.524.405,42.- € |
| **Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire** | 6.423.706,50.- € | 3.243.505,00.- € |
| **Excédent présumé fin 2020** | 526.673,57.- € | 4.280.900,42.- € |

Dës Tabell spigelt zeréck wat am ordinäre Budget initial virgesi gouf respektiv wat am Budget rectifié fir den Exercice 2020 agesat ginn ass. Aus der éischter Zeil geet ervir, dass mir bei de Recetten am Rectifié e Minus vun ca. 1.250.000.- € hunn. Dëst erkläert sech duerch d'Previsioune vun der Circulaire budgétaire, déi Folgendes virgesinn:

- ICC (impôt commercial communal) am Budget rectifié 2020: -24,4% par Rapport zum Compte 2019, soit 40.000.- € manner.
- FDGC (Fonds de dotation globale des communes) am Budget rectifié 2020: -11,5% par Rapport zum Compte 2019, soit 915.000.- € manner.

D'Dépenses Ordinaires weisen dass d'Schätzunge vum Budget initial no ënne rewiddéiert goufen, an zwar ëm ca. 570.000.- €.

- Manifestatiounen, déi net organiséiert goufen, Sëtzunge vu Kommissiounen, d'Rentnerfeier, d'Pompjeeën, déi duerch de CGDIS iwwerholl goufen, d'Frais courants vun de verschiddene Gebaier déi erop ginn (Elektresch, Gaz etc.) – 29.000.- €.

Wann een awer den Total général vun de Codes fonctionnels analyséiert stellt sech eräus, dass d'Estimatiounen, déi fir lafend Jore virgesi waren net wäit ausernee leien. Beim Excedent erkennt een dass eng Estimatioun vun ca. 675.000.- € manner am initiale Budget virgesi gouf. Dëst erklärt sech doduerch dass verschidden Dépensen erof gaange sinn, genau ewéi d'Haaptrecette vun der Gemeng. Urspréngleech war e

*Ce tableau reflète les prévisions du budget ordinaire initial respectivement rectifié lors de l'exercice 2020. La première ligne nous informe d'un déficit d'environ 1.250.000.- € au niveau des recettes du budget rectifié. Ceci s'explique par les prévisions de la circulaire budgétaire qui prévoient:*

- *ICC (impôt commercial communal) dans le budget rectifié 2020: -24,4% par rapport au compte 2019, soit un déficit de 45.000.- €.*
- *FDGC (Fonds de dotation globale des communes ) dans le budget rectifié 2020: -11,5% par rapport au compte 2019, soit 915.000.- € de moins.*

*Les dépenses ordinaires montrent que les estimations du budget initial ont été revues à la baisse, d'environ 570.000.- €.*

- *Les manifestations, qui n'ont pu être organisées, les séances des commissions consultatives qui n'ont pu avoir lieu, la fête des seniors annulée, les pompiers, qui ont été repris par le CGDIS, l'augmentation des frais courants des différents bâtiments communaux (électricité, gaz etc.) - 29.000.- €.*

*Si l'on analyse le total général des codes fonctionnels, nous remarquons qu'il n'y a pas de grandes différences avec les estimations prévues pour l'année en cours.*
*Au niveau de l'excédent, nous remarquons qu'une estimation d'environ 675.000.- € de moins avait été prévue dans le budget initial. Ceci est dû au fait que certaines dépenses ont baissé, tout comme les recettes principales de la commune.*

Boni vun 3.950.000.- € fir d'Joer 2019 virgesinn, dee sech awer schlussendlech op ca. 5.360.000.- € beleeft.

Drënner steet en Excédent total, wou an der Zeil drënner den Transfert vum Ordinaire an den Extraordinaire ofgerechent gëtt, fir dann den Excédent vum Enn vum Joer ze hunn. Mir stelle fest dass wann alles no Plang verleeft, mir Enn 2020 mat engem Boni vun 4.265.900,42.- € rechne kënnen.

*Initialement, un boni de 3.950.000.- € avait été prévu pour l'année 2019 qui, finalement, s'élève à 5.360.000.- €.*

*En dessous se situe un excédent total où, dans la ligne encore plus bas, le transfert de l'ordinaire vers l'extraordinaire est soustrait pour avoir l'excédent de fin d'exercice. Ici, nous constatons que, si tout se déroule comme prévu, nous pouvons prévoir un boni de 4.256.900,42.- € à la fin de l'année 2020.*

## Budget ordinaire 2021

| | Budget 2021 |
|---|---|
| **Total des recettes ordinaires** | 9.040.364,84.- € |
| **Total des dépenses ordinaires** | 7.267.800,00.- € |
| **Excédent propre à l'exercice 2021** | 1.772.564,84.- € |
| **Excédent présuméexercice 2020** | 4.280.900,42.- € |
| **Excédent total** | 6.053.465,26.- € |
| **Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire** | 5.749.770,00.- € |
| **Excédent présumé fin 2021** | 303.695,26.- € |

Bei dëser Tabell handelt et sech ëm d'Previsioune fir de Budget ordinaire 2021. Wéi an der éischter Tabell stelle mir punkto Recettes ordinaires fest dass dës liicht wuessen, an zwar ëm ca. 500.000.- € méi wéi am Budget rectifié 2020. Dëst erklärt sech och erëm duerch d'Prévisioune vun der Circulaire budgétaire, déi fir 2021 eng Croissance virgesi vun :

- ICC 2020: +4,5% par rapport zum Budget rectifié 2020
- FDGC +6,89% par rapport zum Budget rectifié 2020 soit ca. 500.000.- € méi. Wann een dëst awer mat de Compte vun 2019 vergläicht, da stellt ee fest dass 2021 ca. 500.000.- € manner erakomme wéi nach virun zwee Joer.

Bei den Dépenses ordinaires stelle mir fest dass zousätzlech Ausgabe vu 830.000.- € par Rapport zum Budget rectifié 2020 stinn. Dës zousätzlech Dépense sinn ënner anerem doduerch bedéngt, dass d'Kommissiounen an d'Gemeng hoffentlech nees Manifestatiounen organiséiere kënnen, en neie Mataarbechter am Service Technique agestallt ka ginn, eng nei Entretiens-Firma engagéiert ka ginn, Annuitéiten vun engem neien Emprunt zeréckbezuele kënne ginn an d'Cadeaus-Bongen vun der Rentnerfeier finanzéiert kënne ginn. Och beim Waasser stelle mir en zousätzleche Budget vun iwwert 40.000.- €, dee gréisstendeels d'Uschafung vun neie Compteuren deckt, well déi aktuell ersat musse ginn (en Exercice, deen all 10 Joer muss gemaach ginn).

Doduerch entsteet en Excédent vum Exercice 2021 vun ca. 1.770.000.- €. Wann een deen zesummenhëlt mam Excédent vum Budget rectifié 2020, kënnt een op en Total vun ca. 6.035.000.- €. Rechne mir dësen Excédent vum Transfert ordinaire – extraordinaire of, dann hu mir e Boni vun ca. 284.500.- €.

*Ce tableau reflète les prévisions pour le budget ordinaire de l'année 2020. Tout comme dans le premier tableau, nous constatons que les recettes ordinaires évoluent sensiblement vers le haut, avec environ 500.000.- € de plus que dans le budget rectifié de 2020. Cela s'explique également par les prévisions de la circulaire budgétaire qui, pour 2021, prévoient une croissance de:*

- *ICC 2020: +4,5% par rapport au budget rectifié 2020*
- *FDGC: +6,89% par rapport au budget rectifié 2020, soit environ 500.000.- € de plus. En comparant cela avec les comptes de 2019, nous constatons qu'en 2021, nous enregistrerons environ 500.000.- € de recettes en moins qu'il y a deux ans.*

*Pour les dépenses ordinaires, nous constatons l'inscription de 830.000.- € de dépenses supplémentaires par rapport au budget rectifié 2020. Entres autres, ces dépenses s'expliquent par l'espoir que la commune et les commissions puissent réorganiser des manifestations, par la volonté de vouloir embaucher un nouveau collaborateur au sein du service technique, de vouloir engager une nouvelle société d'entretien, de pouvoir rembourser les annuités d'un nouveau prêt et pour financer les bons-cadeaux destinés à la fête des seniors. Au niveau du service des eaux, un budget supplémentaire de plus de 40.000.- € a été prévu pour couvrir l'acquisition de nouveaux compteurs, car les derniers doivent être remplacés. (Un exercice qui se fait une fois tous les 10 ans.)*

*Il s'ensuit un excédent de l'exercice 2020 d'environ 1.770.000.- €. En le rajoutant à l'excédent du budget rectifié de 2020, nous obtenons un total d'environ 6.035.000.- €. En soustrayant cet excédent du transfert ordinaire – extraordinaire, il nous reste un boni d'environ 284.500.- €.*

# Evolution impôt commercial (ICC)




Dës éischt Grafik weist d'Entwécklung vum Gemengesteiersaz zënter der Reform vum ICC (impôt commercial communal). Et ass evident dass den ICC zënter der Gemengefinanzreform net méi zu den Haaptrecette vun eiser Gemeng zielt. Trotzdeem sinn dës Zuelen interessant wann een d'Joer 2019 an 2020 matenee vergläicht: d'Zuele falen drastesch, ëm 24,40%. Fir 2021 ass awer eng liicht Croissance virgesinn, mat engem plus vu 4,50% par Rapport zu 2020.

*Cette première infographie montre le taux d'impôt communal depuis la réforme de l'ICC (impôt commercial communal). Il est évident que l'ICC ne figure plus parmi les recettes principales des communes depuis la réforme des finances communales. Tout de même, il s'avère intéressant de comparer les chiffres de 2019 avec ceux de 2020: nous voyons une nette baisse de 24,40%. Pour 2021, une légère croissance de 4,50% par rapport à 2020 est tout de même prévue.*

# Fonds de dotation globale des communes (FDGC)




Dës Grafik weist d'Entwécklung vun der Haaptrecette vun de Gemengen, de „Fonds de dotation globale des communes" (de fréieren „FCDF"). Wéi déi viregt Grafik weist dës Grafik och d'Zuelen ab 2017, Stéchdatum vun der Gemengefinanzreform: Mir gesinn dass vum Compte 2017 op de Compte 2018 en Surplus vu 14,88 % verzeechent ka ginn. Des Croissance spigelt sech weider op de Compte 2019, wou nach 10,38% bäikomm sinn. Fir d'Joer 2020 erkennt een eng „Chute libre" vun 11,50%, wat bedeit dass mir 915.000.- € manner an der Keess hu wéi 2019. Am Verglach mam Budget initial 2020 (8.190.000.- €) feelen an der Gemengekeess 1.160.000.- €. Glécklecherweis si mir an der Vergaangenheet verstänneg mat eise Finanzen ëmgaangen. Dëst kënnt der Gemeng an dëse schwieregen Zäiten ze Gutts.

*Cette infographie illustre l'évolution de la recette principale des communes, le «fonds de dotation globale des communes» (anciennement «FCDF»). Comme l'infographie précédente, nous débutons l'analyse en 2017, année de la réforme des finances communales. Nous recensons un surplus de 14,88% du compte 2017 au compte 2018. Cette croissance se reflète sur le compte 2019, où viennent se rajouter 10,38%. Pour l'année 2020, nous constatons une «chute libre» de 11,50%, ce qui signifie que nous avons 915.000.- € de moins dans nos caisses qu'en 2019. Comparé au budget initial 2020 (8.190.000.- €), il manque une somme de 1.160.000.- € dans la caisse communale. Heureusement que par le passé, nous avons consciencieusement géré nos finances, ce qui présente un net avantage en ces temps compliqués.*

## Evolution service ordinaire




Dës Grafik weist d'Entwécklung vun eisem ordinäre Budget iwwert déi lescht 7 Joer. Mir stellen engersäits fest dass eis Recettë vun 2014 bis 2019 ëmmer liicht geklomme sinn an am Joer 2020 vill gefall sinn. Op där anerer Säit sinn eis Depensen och um Klammen. De Boni vum Exercice 2020 respektiv 2021 ass doduerch och net méi esou héich wéi d'Jore virdrun. Dëst ass bedéngt duerch déi grouss Investissementer a Projeten, déi an de nächste Joren ulafen.

*Cette infographie montre l'évolution de notre budget ordinaire durant les 7 dernières années. D'un côté, notons que de 2014 à 2019, les recettes ont toujours augmenté et qu'elles ont nettement baissé en 2020. De l'autre côté, nos dépenses augmentent également. Il s'ensuit que le boni de l'exercice 2020 respectivement 2021 n'est pas aussi élevé que les années précédents. Ceci s'explique par d'importants investissements dans des projets qui débuteront dans les prochaines années.*



## Structures des dépenses ordinaires budget rectifié 2020




## Structures des dépenses ordinaires budget 2021




Dës Grafike stellen iech déi verschidde Rubricke vun den ordinären Depense vir (code fonctionnel):

- **1. Services généraux des administrations publiques:** D'politesch Organer (Indemnitéit vum Schäfferot, Gemengerot, Walen, Kommissiounen, d'Coordination administrative, d'Coordination technique, d'Coordination des relations publiques, ressources non-affectées, opérations concernant les flux financiers. Dës maachen am Ganze **34,70%** vun den Dépenses ordinaires aus.
- **2. Protection sociale:** 3e Âge, Maison Relais, Maison des Jeunes, Précarité sociale **(11,60%)**.
- **3. Ordre et sécurité publics:** Do handelt et sech ëm de ganze Service secours **(1,80%)**.
- **4. Affaires économiques:** Agrikultur, Sylvikultur a Vitikultur, Tourismus, Transport **(2,90%)**.
- **5. Protection de l'environnement:** Offallgestioun, Ofwaassergestioun, Energiespuermoossnamen an Naturschutz **(14,60%)**.
- **6. Logements et équipements collectifs:** Places publiques, Voirie vicinale, Cimetières, Hygiène publique, Alimentation en Eau, Eclairage public an Autres logements et équipements collectifs **(15,10%)**.
- **7. Santé:** Dës Rubrik ass op **0,10%** (Défibrillateurs).
- **8. Loisirs, culture et culte:** Sportshalen, Sportsveräiner, aner Sportaarten, Centre culturels a Festsäll, Conservatoires, Musekscoursen a Museksschoulen, aner kulturell Servicer, Cultes, Fêtes publiques an Autres loisirs, culture et culte **(7,00%)**.
- **9. Enseignement:** Enseignement fondamental, Encadrement périscolaire a Services annexes à l'enseignement **(11,80%)**.

Wa mir dat mam Budget 2021 vergläichen, kënne mir feststellen, dass et keng grouss Variatioune par Rapport zum Budget rectifié 2020 ginn.

*Cette infographie décline les différentes rubriques des dépenses ordinaires, selon le code fonctionnel:*

- ***1. Services généraux des administrations publiques:*** *Les organes politiques (indemnités du collège échevinal, conseil communal, élections, commissions, coordination administrative, coordination technique, coordination des relations publiques, ressources non-affectées, opérations concernant les flux financiers. Ces services constituent* ***34,70%*** *des dépenses ordinaires.*
- ***2. Protection sociale:*** *3e Âge, maison relais, maison des jeunes, précarité sociale* ***(11,60%)***.
- ***3. Ordre et sécurité publics:*** *Il s'agit ici de la totalité du service secours* ***(1,80%)***.
- ***4. Affaires économiques:*** *agriculture, sylviculture et viticulture, tourisme, transports routiers* ***(2,90%)***.
- ***5. Protection de l'environnement:*** *Gestion des déchets, gestion des eaux usées, mesures d'économie d'énergie et protection de la nature* ***(14,60%)***.
- ***6. Logements et équipements collectifs:*** *Places publiques, voirie vicinale, cimetières, hygiène publique, alimentation en eau, éclairage public et autres logements et équipements collectifs* ***(15,10%)***.
- ***7. Santé:*** *Cette rubrique est à* ***0,10%*** *(Défibrillateurs).*
- ***8. Loisirs, culture et culte:*** *Halls Sportifs, associations sportives, autres sports, centre culturels et salles de fêtes, conservatoires, cours de musique et écoles de musique, autres services culturels, cultes, fêtes publiques et autres loisirs, culture et culte* ***(7,00%)***.
- ***9. Enseignement:*** *Enseignement fondamental, encadrement périscolaire et services annexes à l'enseignement* ***(11,80%)***.

*En comparant ces chiffres au budget 2021, nous constatons qu'il n'y a que peu de variations par rapport au budget rectifié 2020.*

# Répartition charges salariales contre autres dépenses




Dës Grafik vergläicht d'Personalkäschte mat dem Volet „Autres dépenses“ aus dem Budget ordinaire. Mir stelle fest dass dës Zuelen iwwert déi lescht Jore relativ konstant sinn an dass mir bei engem Prozentsaz vun ca. 35% si par Rapport zu den ordinären Ausgaben. Et erkennt een dass d'Masse salariale op engem relativ stabelen Niveau ass an et soll een dorop oppassen, dass dës Zuelen net ze drastesch zouhuelen: D'Gemeng Reckeng op der Mess gëtt ëmmer méi grouss an op d'Administratioun an den Atelier kommen ëmmer méi Verantwortungen duer. D'Gemeng wäert dohier reegelméisseg nei Leit astelle mussen.

*Cette infographie compare les charges salariales au volet «autres dépenses» du budget ordinaire. Nous constatons que durant les dernières années, l'évolution de ces chiffres est relativement constante avec un taux d'environ 35%. La masse salariale se stabilise et nous devons veiller à ce que ces chiffres n'augmentent pas drastiquement: La commune de Reckange-sur-Mess grandit petit à petit et l'administration comme l'atelier communal endossent constamment de nouvelles responsabilités. Pour faire face à ces enjeux, la commune devra donc régulièrement engager de nouveaux collaborateurs.*

# Evolution de la charge salariale de la commune




Dës Grafik weist wéivill Leit momentan op der Gemeng schaffen. D'Charges salariales sinn iwwert déi lescht 7 Joer ëm iwwer 50% gewuess.

*Cette infographie montre le nombre de gens travaillant pour la commune. Les charges salariales ont augmenté de plus de 50% durant les 7 dernières années.*

# Budget extraordinaire 2020

| | Budget initial 2020 | Budget rectifié 2020 |
|---|---|---|
| **Total des recettes extraordinaires** | 3.449.503,50.- € | 1.139.498,00.- € |
| **Total des dépenses extraordinaires** | 10.478.660,00.- € | 4.383.003,00.- € |
| **Mali propre à l'exercice 2020** | -7.029.156,50.- € | -3.243.505,00.- € |
| **Boni/Mali compte 2019** | 0.- € | 0.- € |
| **Mali total** | -7.029.156,50.- € | -3.243.505,00.- € |
| **Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire** | 7.029.156,50.- € | 3.243.505,00.- € |
| **Boni/Mali présumé fin 2020** | 0.- € | 0.- € |

Dës Tabell beschäftegt sech mam extraordinäre Budget 2020. Wann ee sech d'extraordinär Recette vum Budget 2020 ukuckt, spréngt engem d'Differenz vum Budget initial op de rectifié direkt an d'An. Dës Differenz ass haaptsächlech bedéngt duerch verschidde Projeten, déi dëst Joer sollten ulafen, ënner anerem de Bau vum Kollekter, wou d'Bedeelegung vum Staat a vun der Gemeng Dippech dra virgesinn ass. Verschidden extraordinär Subsiden hu missen op 2021 reportéiert ginn, dorënner d'Asta an d'Participatioun vum Promoteur am Kader vum PAP „Op de Quäärten".

Wann ee sech uschléissend d'extraordinär Depensen ukuckt erkennt een dass vum Budget initial op de Budget rectifié 6.000.000.- € manner investéiert goufen. Dat bedeit net, dass déi initial Projeten net wäerte realiséiert ginn, mee dass si net esou schnell realiséiert konnte gi wéi virgesinn, ënner anerem wéinst de laangen Instanzeweeër. Bemierke musse mir allerdéngs, dass bis op eng Ausnam alleguer d'Projeten an der Planungsphas sinn. Heizou fannt dir méi Detailer op den nächste Säiten.

*Ce tableau concerne le budget extraordinaire 2020. En contemplant la recette extraordinaire du budget 2020, nous notons immédiatement la différence entre le budget initial et le budget rectifié. Cette différence s'explique par certains projets, qui devaient débuter cette année, notamment la construction du collecteur, pour lequel les participations financières de l'État et de la commune de Dippach sont prévues. Certains subsides extraordinaires ont été reportés à 2021, notamment l'Asta et la participation du promoteur dans le cadre du PAP «Op de Quäärten».*

*En portant le regard sur les dépenses extraordinaires, nous voyons que du budget initial au budget rectifié, 6.000.000.-€ ont été investis en moins. Cela ne signifie pas que les projets initiaux n'ont pas été réalisés, mais qu'ils n'ont pu être réalisés en temps voulu, dû à une procédure d'instance de longue haleine. Par contre, il faut retenir que tous les projets, mise à part une exception, sont en phase de planification. Vous trouverez plus de détails par rapport à ces projets dans les prochaines pages.*

PAP „Op de Quäärten"



# Budget extraordinaire 2021

| | Budget 2021 |
|---|---|
| **Total des recettes extraordinaires** | 7.140.683,00.- € |
| **Total des dépenses extraordinaires** | 12.890.453,00.- € |
| **Mali propre à l'exercice 2020** | -5.749.770,00.- € |
| **Boni/Mali présumé exercice 2019** | 0.- € |
| **Mali total** | -5.749.770,00.- € |
| **Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire** | 5.749.770,00.- € |
| **Boni/Mali présumé fin 2020** | 0.- € |

Zum Schluss werfe mir e Bléck op de Budget extraordinaire 2021. Et fält direkt op dass d'extraordinär Recettë relativ héisch chiffréiert sinn. Et ass ze bemierken dass d'Gemeng en Emprunt vun 2.800.000.- € an de Budget huet setze misse fir dësen am Equiliber ze halen. E Montant vun eleng ca. 2.000.000.- € betrëfft den neie Kollekter sou wéi de Reewaasserbaseng vu Reckeng, well d'Gemeng fir dëse Projet Subside vum Staat wéi och vun der Gemeng Dippech kritt.

Bei den ordinären Dépense mierkt een och, dass d'nächst Joer eis grouss Projeten ulafen: Kollekter, Maison Relais, d'Hal zu Wickreng an nach villes méi.

Mir loossen iech eng Selektioun vun dëse Projeten op den nächste Säiten entdecken.

*Finalement, jetons un coup d'œil sur le budget extraordinaire 2021. Nous remarquons que les recettes extraordinaires sont relativement hautes. Notons qu'un emprunt de 2.800.000.- € a dû être inscrit au budget afin de garantir son équilibre. Un montant à lui seul d'environ 2.000.000.-€ concerne le nouveau collecteur et les bassins de rétention d'eau de Reckange, du fait que la commune ait droit à un subside étatique tout comme à un subside de la commune de Dippach.*

*au niveau des dépenses ordinaires, nous remarquons que les grands projets vont démarrer: le collecteur, la maison relais, le hall a Wickrange et bien plus.*

*Découvrez une sélection de ces projets sur les pages suivantes.*



# D'Haaptprojete
# vum extraordinäre Budget 2021

## *Les projets phares du budget extraordinaire 2021*

Op den nächste Säite fannt dir eng Selektioun u Projeten.

*Vous trouverez sur les pages suivantes une sélection de projets.*

**Info Chantiers**

Ufank/*Début:*
01/2021
Viraussiichtleche Schluss / *Fin prévisionnelle:*
03/2023





## Déi nei Maison Relais

Dës Maison Relais, ugebaut un d'Primärschoul Kleesebierg an der Rue de la Montée zu Reckeng, wäert 250 Kanner empfänke kënnen, vum précoce, préscolaire, Cycle 1, Cycle 2, Cycle 3 bis zum Cycle 4. Den Devis fir d'Aarbechte beleeft sech op 12.000.000.- €. Wann Dir dëse Buet bis an der Hand haalt, hunn d'Aarbechten ugefaangen.

Op der nächster Säit fannt dir zousätzlech Detailer.

## *La nouvelle Maison Relais*

*Cette maison relais, annexée à l'école fondamentale Kleesenberg et située rue de la Montée à Reckange, pourra accueillir 250 enfants, allant du précoce, préscolaire, cycle 1, cycle 2, cycle 3 jusqu'au cycle 4. Le devis des travaux s'élève à 12.000.000.- €. Quand vous tiendrez ce bulletin en main, les travaux auront débuté.*

*Veuillez trouver plus de détails sur la page suivante.*

De Gank tëschent de Funktionsraim / *Le couloir entre les salles de séjour*



2. Entrée um 1. Stack / 2*e* *entrée au 1er étage*



salle-à-manger / salle de devoirs





## Déi nei Maison Relais am Iwwerbléck

**Rez-de-chaussée (Precoce & Cycle 1)**
- Aganksberäich mat Sëtzgeleeënheeten
- Büro fir Elteregespréicher
- Funktionsraim fir de Precoce
- Restaurant & Kreativraim, Rouhraum
- Grouss Fënsterflächen
- Rengegungslokal, Ofstellraim
- Ofstellraim fir Rucksäck a Kleeder
- Sanitäre fir Meedercher a Jongen.
- Behënnertegerecht Toilette mat Dusch a Wéckelkommoud
- Produktiounskichen

**1. Stack (Cycle 1 & 2)**
- Ofstellraum fir Rucksäck
- Iess- an Hausaufgabenzëmmer mat Sëtzeck
- Chillraum a Kreativraum
- Korridor mat Niche de Repos
- Foto- an Dokumentatiounsmauer
- Theaterraum mat Bühn, Bauraum
- Beweegungsraum mat Klotermauer, Schaukelen a Seeler, Museksraum

**2. Stack (Cycle 3 & 4)**
- Openthaltsraim
- Theaterraum, Bauraum, Kreativraum, Medien-Chillraum
- Personalraum a Büro
- Iess- an Hausaufgaberaum
- Ofstellraum fir Rucksäck
- Korridor mat Niche de Repos

**Bausseberäich**
- Virhaff & Spillplaz

**Zousätzlech Informatiounen**
- Passivhausstandart (AAA)
- Photovoltaikanlag
- Lëftungsanglag mat adiabatescher Killung
- Reewaassernotzungsanlag fir Drénkwaasser ze spueren

## La nouvelle maison relais en un clin d'œil

***Rez-de-chaussée (précoce & cycle 1)***
- *Hall d'entrée avec sièges et bancs*
- *bureau pour entretiens parentaux*
- *Salles de séjour pour le précoce*
- *Restaurant et salles créatives, salle de repos*
- *Grandes baies vitrées*
- *Salle de nettoyage, débarras*
- *Salles de rangement pour sacs à dos et vêtements*
- *Sanitaires pour filles et garçons*
- *Toilettes avec accès mobilité réduite, douche et table à langer*
- *Cuisine de production*

***1e étage (cycle 1 & 2)***
- *Salles de rangement pour sacs à dos*
- *Salle a manger et de devoirs à domicile avec coin canapé*
- *Salle de décontraction et de créativité*
- *Couloir avec niche de repos*
- *Mur de photos et de documentation*
- *Salle de théâtre avec scène, salle de construction*
- *Salle de mouvement avec mur d'escalade, balançoires et cordes*

***2e étage (cycle 3 & 4)***
- *Salles de séjour*
- *Salle de théâtre, salle de construction, salle de décontraction et multimédia*
- *Salle du personnel et bureau*
- *Salle à manger et de devoirs à domicile*
- *Débarras pour sacs à dos*
- *Couloir avec niche de repos*

***Installations extérieures***
- *Cour de récréation et aire de jeux*

***Informations supplémentaires***
- *Standard maison passive (AAA)*
- *Installation photovoltaïque*
- *Aération avec réfrigération adiabatique*
- *Récupération d'eau de pluie pour économie d'eau potable*



# De Waasserkollekter tëschent Reckeng op der Mess a Steebrécken

## *Le collecteur d'eaux usées entre Reckange-sur-Mess et Pontpierre*

**Info Chantiers**

Ufank/*Début:*
04/2021
Viraussiichtleche Schluss / *Fin prévisionnelle:*
04/2024

Fir d'Kläranlag zu Reckeng op der Mess ausser Betrib kënnen ze setzen, gëtt en neie Kollekter tëschent Reckeng a Steebrécke gebaut, deen d'Ofwaasser vu Reckeng an Dippech Richtung STEP vum SIVEC zu Schëffléng bréngt. Den detailléierte Virentworf sou wéi eng Finanzéierungskonventioun mat der Gemeng Dippech, goufen den 19. Dezember 2019 vum Gemengerot gestëmmt, De Projet gëtt mat engem Subside vu 45% vun der AGE ënnerstëtzt. D'Käschte vum detailléierte Virentworf belafe sech op 5.250.000.- €. Falls néideg kann dëse Chantier an 2 getrennten Ofschnëtter ausgefouert ginn.

Den Entworf beinhalt d'Pläng fir de Bau vun engem neie Kollekter, dee vum aktuelle Standpunkt vun der Kläranlag zu Reckeng op der Mess bis zum existéierende Kollekter zu Steebrécken verluet gëtt. Insgesamt beinhalt dëse Projet 3,1 km Kanal, dee folgendermoossen opgedeelt ass:

1. Phas: Eng Duerchpressung ënnert der Autobunn A4 mat uschléissender Verleeung bis bei de Kollekter zu Steebrécken.

2. Phas: Eng Sammelstreck vum existéierende Kollekter zu Reckeng op der Mess bis bei d'Autobunn A4, an enger oppener Bauweis.




*Afin de supprimer la station d'épuration de Reckange-sur-Mess, un nouveau collecteur sera réalisé entre Reckange et Pontpierre permettant d'acheminer les eaux usées de Reckange et de Dippach vers la STEP du SIVEC à Schifflange. L'avant-projet détaillé a été voté par le conseil communal en date du 19 décembre 2019. Le même jour, une convention avec le commune de Dippach concernant le financement a également été votée par le conseil communal. Le projet sera subsidié par l'AGE a raison de 45 %. Les coûts de l'avant-projet détaillé s'élèvent à 5.250.000.-€. Si nécessaire, ce chantier peut être exécuté en deux étapes séparées.*

*L'ébauche contient les plans du nouveau collecteur, qui sera déployé à partir du site actuel de la station d'épuration de Reckange-sur-Mess jusqu'au collecteur existant à Pontpierre. Ce projet comporte un canal d'une longueur totale de 3,1 km et peut être subdivisé de la façon suivante:*

*1e phase: une pénétration sous l'autoroute A4 avec transfert ultérieur jusqu'au collecteur à Pontpierre.*

*2e phase: un tronçon collecteur partant du collecteur existant à Reckange-sur-Mess jusqu'à l'autoroute A4, sous forme de construction ouverte.*






# Bau vun engem Reewaasserbaseng zu Reckeng op der Mess

## *Construction d'un bassin d'orage à Reckange-sur-Mess*

Fir den Ofwaasserduerchfloss am Kollekternetzwierk vum SIVEC anzeschränken a fir dësen net z'iwwerlaaschten si mir drop ugewisen, e Reewaasserbaseng um Niveau vun der Kläranlag zu Reckeng ze bauen. Dëse Baseng wäert e Volume vun 1.500 m³ hunn an d'Ofwaasser wärend enger gereegelter Zäitspan zeréckhalen, am Fall vu staarken Onwieder. D'Ofwaasserkanäl vu Reckeng an Dippech ginn un dëse Baseng ugeschloss. D'Finanzement wäert iwwert e Verdeelungsschlëssel vun 80/20 tëschent de Gemengen Dippech a Reckeng vollzu ginn. Iwwert d'Käschterechnunge vun 8.500.000.- € stëmmt de Gemengerot Enn 2020 of.

*Afin de limiter le débit des eaux usées à introduire dans le réseau de collecteurs du SIVEC et de ne pas le surcharger, il est nécessaire de construire un bassin d'orage au niveau de la station d'épuration actuelle de Reckange. Ce bassin aura un volume de 1.500 m³ et retiendra les eaux usées pour un laps de temps défini lors de fortes averses. Les conduites d'eaux usées de Reckange et de Dippach seront raccordées à ce bassin. Le financement se fera selon une clef de répartition 80/20 entre la commune de Dippach et de Reckange. Le devis, qui s'élève à environ 8.500.000.- €, sera voté par le conseil communal fin 2020.*









Den aktuelle Standpunkt vun der Kläranlag zu Reckeng op der Mess. /
*L'emplacement actuel de la station d'épuration à Reckange-sur-Mess.*

**Info Chantiers**

Ufank/*Début:*
2022
Viraussiichtleche Schluss /
*Fin prévisionnelle:*
2024

# Modernisatioun vum Waasserverdeelungsnetzwierk vun der Gemeng

## *Modernisation du réseau de distribution d'eau de la commune*

- Bau vun engem neie Waasserbaseng am Kader vun de Schlussfolgerunge vum techneschen Dossier vum „Plan Directeur Eau".
- Bau vun engem neie Waassertuerm mat zwee Basenge beim Reservoir „Op Hoën".
- Bau vun neien Transportleitungen tëschent Hoën, Reckeng, Lampech a Piisseng.
- Ofbau vum ënnerierdesche Baseng zu Lampech a vum Reservoir zu Reckeng.
- D'Realisatioun wäert a verschiddene Phase stattfannen.
- D'Projete ginn am Laf vum Joer 2021 vum Gemengerot gestëmmt.

Méi Informatiounen op den zwou nächste Säiten.

- *Construction d'un nouveau réservoir d'eau suite aux conclusions du dossier technique du «Plan Directeur Eau».*
- *Construction d'un nouveau château d'eau à deux réservoirs à proximité du réservoir «Op Hoën».*
- *Pose de diverses conduites de transport entre Hoën, Reckange, Limpach et Pissange.*
- *Suppression du réservoir enterré de Limpach et du réservoir de Reckange.*
- *La réalisation aura lieu en plusieurs phases.*
- *Projets à voter par le conseil communal courant 2021.*

*Veuillez trouver plus d'informations sur les deux prochaines pages.*






## Nei Leitungsréier - Waassertuerm Hoën - Reckeng

## *Nouvelles conduites d'eau - Château d'eau Hoën - Reckange*



**Info Chantiers**

Ufank/*Début:*

Schluss / *fin* 2021

Viraussiichtleche Schluss / *Fin prévisionnelle:*

Schluss / *fin* 2022

- Nei Leitungsréier fir d'Waasserversuergung tëschent Reckeng an Lampech.
- Dëse Projet gëtt an Zesummenaarbecht mat de Ponts & Chaussées realiséiert, am Kader vum neien Tracé vum PCN 9.
- D'Käschterechnunge ginn 2021 vum Gemengerot gestëmmt.

- *Nouvelle conduite de liaison et d'approvisionnement de Reckange et Limpach.*
- *Projet en collaboration avec les Ponts & Chaussées, dans le cadre du nouveau tracé du PCN 9.*
- *Devis à voter par le conseil communal en 2021.*

*

## Neie Leitungsrouer - Verbindung Reckeng - Éileng

## *Nouvelle conduite d'eau – liaison Reckange - Éhlange*









- Neie Leitungsrouer fir d'Waasserversuergung tëschent Reckeng an Éileng.
- Dëse Projet gëtt an Zesummenaarbecht mat der CREOS, POST a SUDGAZ realiséiert.
- D'Käschterechnunge ginn 2021 vum Gemengerot gestëmmt.

- *Nouvelle conduite de liaison et d'approvisionnement d'eau entre Reckange et Éhlange.*
- *Ce projet est réalisé en collaboration avec les sociétés CREOS, P&T et SUDGAZ.*
- *Devis à voter par le conseil communal en 2021.*







## Amenagement vun den Agäng vu Riedgen
## *Aménagement des entrées en localité de Roedgen*

- Ofgeséchert Reamenagement vun den Agäng vu Riedgen, an Zesummenaarbecht mat de Ponts & Chaussées.
- Zentral Insel fir de Verkéier ze berouegen.
- Ugepasste Signalisatioun.
- Ofstëmmung vum Gemengerot iwwert Käschterechnungen a Projet am Joer 2021.

- *Aménagement sécurisé des entrées en localité de Roedgen en collaboration avec les Ponts & Chaussées.*
- *Îlot central pour ralentir le trafic.*
- *Signalisation adaptée.*
- *Devis et projet à voter par le conseil communal en 2021.*

**Info Chantiers**

Ufank/*Début:*
09/2021
Viraussiichtleche Schluss / *Fin prévisionnelle:*
03/2022








## Amenagement vun der Bushaltestell „Wäschbuer" zu Piisseng
## *Aménagement de l'arrêt de bus «Wäschbuer» à Pissange*

- Ofgeséchert Reamenagement vun der Bushaltestell mat Haiserchер op béide Säite vun der Strooss.
- D'Trottoire gi vervollstännegt
- Zebrasträifen an nei Stroossbeliichtung wäerten zur Sécherheet vun de Foussgänger a Passagéier bäidroen.
- Ofstëmmung vum Gemengerot iwwert Käschterechnungen a Projet am Joer 2021.

- *Aménagement sécurisé de l'arrêt de bus avec des abris de part et d'autre de la rue.*
- *Les trottoirs seront complétés.*
- *Un passage piétons et un nouvel éclairage contribueront à la sécurité des piétons et passagers.*
- *Devis et projet à voter par le conseil communal en 2021.*



## Transformatioun vun der Hal zu Wickreng

## *Transformation du hall à Wickrange*












**Info Chantiers**

Ufank/*Début:*
02/2021
Viraussiichtleche Schluss / *Fin prévisionnelle:*
01/2022

- Dës Hal wäert als Annexe zum aktuelle Gemengenatelier genotzt ginn.
- Zousätzlech dozou wäert si Stockageboxe fir d'Material vun eise Veräiner hunn.
- E Lokal fir Landwirtschaftsveräiner ass och mat ageplangt.

- *Le hall sera utilisé comme annexe de l'atelier communal actuel.*
- *De plus, il contiendra des box de stockage pour le matériel de clubs et associations de la commune.*
- *Il sera équipé d'un local pour le Comice Agricole.*





E Beispill vun enger Hängematteninstallatioun. *Un exemple d'installation à hamacs.*

## Sport an Entspanung: Reamenagement vum Terrain beim Mess Café

## *Sport et détente: Réaménagement du terrain à proximité du Mess Café*



- **Streetballterrain:** Niewent dem Kleesebierg empfänkt Reckeng säin 2. Terrain, op deem eng Villzuel u Sportaarten a Sécherheet bedriwwe kënne ginn.
- **Fitnessinstallatioun:** E robuste Pavillon, wou een e kompletten Trainingsprogramm mam eegene Kierpergewiicht duerchzéie kann. Dës Installatioun ass och accessibel fir Matbierger mat ageschränkter Mobilitéit.
- **Entspanungszone:** E flotten Hängemattesystem deen zum Verweilen, Entspanen an Erhuelen nom Sport aluet.



*Simulation non-contractuelle*

- ***Terrain de streetball:*** *Reckange accueille son second terrain de streetball, à côté de celui situé au Kleesenberg. Celui-ci permettra de pratiquer une multitude de sports en toute sécurité.*
- ***Installation de fitness:*** *un pavillon robuste qui permet de faire des unités d'entraînement complètes à l'aide de son propre poids du corps. Cette installation est accessible aux personnes à mobilité réduite.*
- ***Zone de détente:*** *Un système de hamacs invitant à la détente et à la récupération.*

**Info Chantiers**
Ufank/*Début:*
03/2021



Den aktuellen Zoustand vum Feld niewent dem Parking vum Mess Café. D'Spillplaz, d'Picknickbänken an de Petanqueterrain bleiwen natierlech bestoen. / *L'état actuel du pré à côté du parking du Mess Café. L'aire de jeux, les bancs de pique-nique et le boulodrôme seront évidemment préservés.*



**Info Chantiers**

Ufank/*Début:*
03/2021
Viraussiichtleche Schluss / *Fin prévisionnelle:*
09/2021



## Amenagement vun der Plaz bei der aler Schoul zu Éileng

Fir de Verkéier am Duerfkär ze berouegen a fir d'Sécherheet vun de Foussgänger ze garantéiere gëtt den Haff vun der aler Schoul souwéi d'Kräizung rue du Centre / rue de l'École zu Éileng als Aire de Rencontre an ëffentlech Plaz reamenagéiert. D'Vitesse gëtt op 20 km/h beschränkt. D'Kapell um Eck vun der Kräizung bleift bestoen.







## *Aménagement de la place devant l'ancienne école d'Éhlange*

*Pour calmer le trafic dans le noyau du village et afin de garantir la sécurité des piétons, la cour de l'ancienne école ainsi que le carrefour rue du Centre / rue de l'École à Éhlange seront réaménagés en aire de rencontre et place publique. La vitesse y sera limitée à 20 km/h. La chapelle située au coin du croisement sera préservée.*



## *Bau vu Logementer fir Jonker a Senioren*



„D'Hengeschtshaus" samt Alentouren, op der Adress 26, rue du Centre zu Éileng, gëtt reamenagéiert als Residenz mat Studioe fir Jonker a Senioren. Den Accent wäert och op Wunngemeinschafte geluecht ginn. Dëse Projet gëtt mat engem Subside vu 75% vum Familljeministere ënnerstëtzt.

**Info Chantiers**

Ufank/*Début:*
2022 (après réalisation de l'étude de faisabilité)
Viraussiichtleche Schluss / *Fin prévisionnelle:*
2024





# *Création de logements pour Jeunes et Seniors*






*La «Maison Hengesch» et ses alentours, situés au 26, rue du Centre à Éhlange, seront réaménagés en résidence à studios pour jeunes et seniors. L'accent sera également mis sur la collocation. Ce projet sera soutenu par un subside à hauteur de 75% par le Ministère de la famille.*






Administration communale
de Reckange-sur-Mess